Lëtzebuerg, den 28. September 2019

# Communiqué de presse

# E neie Chefscout fir Lëtzebuerg

Den Ierfgroussherzog, de Prënz Guillaume, leet de 4. Oktober 2019 säi Scoutsverspriechen als Chef Scout vun alle Scouten a Guide vu Lëtzebuerg oof, a Präsenz vun den zwou lëtzebuerger Scoutsfederatiounen.

Hien iwwerhëlt d'Nofolleg als Chefscout vu sengem verstuerwene Grousspapp, dem Groussherzog Jean.

De fréie Chefscout, de Grand-Duc Jean vu Lëtzebuerg, huet den 28. Oktober 1945 säi Scoutsverspriechen ofgeluecht an huet eis wärend 74 Joer mat ganzem Häerz a voller Iwwerzeegung begleet. Hie wor e Beispill fir déi Jonk an déi Eeler vun haut.

An dësem Kader deelt d'Associatioun Scouting in Luxembourg (SIL) mat, dass Freides, de 4. Oktober 2019 op der Kinnekswiss an der Stad d'Zeremonie vum Verspriechen vum Chef Scout stattfënnt. Mir erwaarden eis tëschent 2000 an 3000 Guiden a Scouten, déi un dëser Zeremonie deelhuelen.

De Comité vun der Fondation Mondiale de Scoutisme wäert och un dësem Verspriechen deelhuelen.

Oflaf vum Evénement:

- Depart vun de lokalen Treffpunkten Ettelbréck Gare (13h45), Esch/Alzette Gare (13h50), Geesseknäppchen (14h15), Glacis (14h15)
- Ab 14h30 Arrivée vun de Guiden a Scouten op der Kinnekswiss
- 15h15 Arrivée vum Comité vun der Fondation Mondiale de Scoutisme
- 15h25 Arrivée vun den Éieregäscht
- 15h30 Ufank vun der Verspriechensfeier
- 17h00 Schluss vun der Verspriechensfeier
- Uschléissend gi Kaffiskichelcher a Form vun engem Scoutsfoulard verdeelt


a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu

De SIL seet dem Educatiounsministère Merci fir d'Fräistelle vun de Schüler an Enseignanten aus dem Fondamental a Secondaire fir dës Festivitéiten. Och der Stad Lëtzebuerg an alle bedeelegten Servicer souwéi alle Benevolen e grousse Merci fir hier Ënnerstëtzung.

**Iwwert d'Associatioun Scouting in Luxembourg a.s.b.l.**

Zu Lëtzebuerg ginn et 2 Guiden- a Scoutsverbänn, d'Fédération Nationale des Eclaireurs et Eclaireuses du Luxembourg (FNEL) an d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS). Zesummen hunn si méi wéi 7500 Memberen, déi an 92 lokale Gruppen duerch ganz Lëtzebuerg verdeelt sinn. Déi jonk Membere gi vu Benevollen a forméierte Chef/tainen encadréiert. Déi jeeweileg Formatioune gi vum Lëtzebuerger Stad unerkannt a mat engem Brevet ausgezeechent.

www.scout.lu

**Kontakt virum Event:**

| | |
|---|---|
| Matthieu Schmit | Philippe Berscheid |
| Chargé de direction LGS | Permanent FNEL |
| Tel.: 26 94 84 | Tel.: 26 48 04 50 |
| matthieu.schmit@lgs.lu | philippe@fnel.lu |

**Kontakt um Dag vum Event:**

| | |
|---|---|
| Max Stebens | Johnny Geraets |
| Equipe Relations Publiques | Commissaire Relations Publiques LGS |
| Tel.: 26 94 84 – 98 | Tel.: 26 94 84 - 99 |